



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7331 vum 6. Dezember 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

Esou wéi an der Chamberssëtzung vum 6. Dezember 2022 scho gesot gouf, sinn an enger Entrevue tëschent der Verwaltung fir öffentliche Transport mat franséischen Autoritéiten alternativ Trajeten zum aktuellen Tracé an Erwägung gezu ginn. Sait dem 27. Dezember 2022 gëtt den Tracé vun der Linn 703 Lëtzebuerg - Pétange - Aubange (B) – Mont-Saint-Martin (F) bis op den Arrêt 'Mont-Saint-Martin/Auchan PED' verlängert, en entsprecheden Avis gouf publizéiert.

Zu de Sécherheitsmoosname kann ech folgendes soen:

- Esou wéi an all RGTR-Bussen huet och hei op dëse Linnen de Chauffeur e Noutfallknäppchen mat deem hien sech direkt kam at der Leetstell a Verbindung setzen. Déi ka séier reagieren andeems d'Police op d'Plaz geruff gëtt. Dest gouf an diverse parlamentaresche Froe schon erkläert.
- Op de betraffene Linne fueren an der Tëschenzäit Bussen déi souwuel mat Sécherheitskabinne fir de Chauffeur wéi och mat Kameraen ausgestattet sinn.

Aner Linnen oder Arrêten goufe bis elo wéinst nach net wéinst Sécherheitsproblemer gestrach.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2023

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch